n° 2553

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 14:47, 16/07/2020

Lëtzebuerg, den 16/07/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Aarbecht & Justiz weiderzeleeden.**

Rezent huet RTL Tëlee Lëtzebuerg en Documentaire publizéiert, bei deem et ëm ee presuméierte Fall vu Mënschenhandel am éislecker Stiedche Veianen geet. An dësem Fall hunn sech d'Affer zu Wuerd gemellt. Wéi vill Leit aktuell an ähnleche Situatioune stieche bleift ongewosst.

Aus dem Rapport annuel vun der ITM aus dem Joer 2019 geet betreffend dem Mënschenhandel Folgendes ervir :

> «En cas de constatation d'indices ou d'infractions dans le cadre de la traite économique, l'ITM établit un procès-verbal et le continue au Ministère public ainsi qu'à la Police grand-ducale qui est l'autorité compétente en matière de traite des êtres humains.»

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Procès-verbaux'en sinn zanter 2010, opgelëscht no Joer, un de Ministère public an/oder d'Police weidergeleet ginn ?
2. Wéi vill vun dëse Procès-verbaux'en sinn «sans-suite» klasséiert ginn ?
3. Wéi vill Enquêtë betreffend Mënschenhandel konnten am Joer 2019 zu Lëtzebuerg ofgeschloss ginn a wéi vill Zäit ass fir déi eenzel Fäll, tëscht der éischter Plainte, respektiv dem éischte Procès-verbal an dem Uerteel vergaangen ?
4. Ass de legale Kader betreffend dem Mënschenhandel an den Ae vun den Dammen an Häre Ministeren nach zäitgeméiss ? Ass virgesinn der ITM méi Moyenen ze ginn, fir géint Fäll vu Mënschenhandel virzegoen ?
5. Wéi kann een an den Ae vun den Dammen an Häre Ministeren d'Kommunikatioun tëscht de verschidden Instanze verbesseren ? Wéi kéint een d'Zesummenaarbecht

téscht de Verwaltungen optiméieren ?

6. Wéi steet den Här Minister zum Fait, datt d'ITM, RTL-Infromatiounen no, deelweis iwwerfuerdert ass mam Opschaffe vu komplexe Firmenkonstrukter an deemno vun de Moyenen hier net à même ass, fir een adequate Suivi vu verschidden Affäre kënnen ze assuréieren ?

| Mat déiwem Respekt, | Mat déiwem Respekt, |
| --- | --- |
| GOERGEN Marc<br>Député | CLEMENT Sven<br>Député |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:51, 14/08/2020

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 14-08-2020

**Objet : Question parlementaire n° 2553 du 16 juillet 2020 de Messieurs les Députés Marc Goergen et Sven Clement au sujet de la traite d'êtres humains**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

*Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox, vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch an vun der Madame Justizministesch Sam Tanson op d'parlementaresch Fro n°2553 vun den honorablen Deputéierten Sven Clement an Marc Goergen*

D'parlamentaresch Ufro 2553 betrëfft ënner anerem den Traitement vun den Procès-verbaux'en déi ausgestallt ginn betreffend den Mënschenhandel an Form vun der Ausbeutung vun der Aarbecht oder Servicer, déi un den Parquet weidergeleet ginn.

D'Infraction vum Mënschenhandel ass am Artikel 382-1 Punkt 2) vum Code pénal virgesinn, deen Folgendes bestrooft:
*"l'exploitation du travail ou des services de cette personne sous la forme de travail ou de services forcés ou obligatoires, de servitude, d'esclavage ou de pratiques analogues et en général dans des conditions de travail contraires à la dignité humaine"*.

Am Kontext vu Kontrollen kann een mat enger Rei vun Onregelméissegkeeten konfrontéiert ginn wéi:

- d'Feelen vun engem schrëftlechen Aarbechtskontrakt an/oder d'Feelen vun der Affiliation an der Sozialversécherung
- Aarbechtskontrakt deen eng Pai virgesäit dei ënnert dem Mindestloun leit an / oder d'Netbezuelen vun den Paien déi geschëlt sinn – doranner abegraff Retenue op der Pai fir verschidde Servicer (Iessen, Ënnerdaach) oder fir den Schued ze kompenséieren deen am Kader vun der Ausféierung vum Aarbechtskontrakt geschitt ass (Material wat futti gaangen ass, Ausgläich vun enger Differenz an der Caisse, etc.)
- exzessiv Aarbechtszäiten
- Beschäftegung vun auslänneschen Aarbechter déi an enger illegaler Situatioun sinn oder déi net déi néideg Aarbechtserlaabnis hunn
- Beschäftegung vu falsche Selbstännegen oder Zeréckgräifen op auslännesch Firmen ouni Handelsermächtegung
- méi schro Formen vun Ausbeutung déi doranner besteet dass d 'Persoun ënner kierperlechem oder wiertschaftlechem Zwang schafft

Et ass wichteg ze präziséieren datt den Artikel 382-1 Punkt 2) vum Code pénal net d 'Situatioun vun illegaler oder net deklaréierter Aarbecht als Mënschenhandel pénaliséiert. Den Artikel viséiert d'Ausbeutung vun engem Aarbechter ënner Konditiounen déi contraire zu der mënschlecher Dignitéit sinn.
De Beweis vun dëser Form vun Ausbeutung muss duerch enger Abberzuel vun verschiddenen Elementer bruecht ginn, ewéi d'Versklavung an d 'Erofsetzen vun der mënschlecher Persoun duerch en Ugrëff op séin Kierper a Geescht an enger Aart an Weis déi manifestement contraire ass zur mënschlecher Dignitéit.

Et ass ze bemierken dass d'Ausbeutung, déi contraire zu der mënschlecher Dignitéit ass, sech net nëmmen op materiell Bedéngungen limitéiert (zum Beispill d'Pai), mais sech op all Element vum Statut vum Aarbechter bezitt géint deen eng deen Atteinte op d 'Dignitéit méiglech ass.
D'Geriichter musse vu Fall zu Fall beuerteelen, ob d 'Aarbechten ënner esou Bedéngungen duerchgefouert goufen.
Et ginn verschidden Elementer déi a Betruecht gezu kënnen ginn fir d 'Bedéngungen, déi contraire zur mënschlecher Dignitéit sinn, ze etabléieren: Wat d 'Bezuelung ugeet, eng Pai déi däitlech net am Aklang ass mat enger ganz grousser Unzuel vun Aarbechtsstonnen déi geleescht goufen, eventuell ouni freien Dag, oder d 'Leeschten vun onbezuelten Servicer.

Op alle Fall ass et um Parquet den Beweis ze erbréngen dass d 'Aarbechtsverhältnis souwéi d'Aarbechtsbedéngungen contraire zur mënschlecher Dignitéit sinn. Dëst huet als Konsequenz dass d'Poursuit'en fir Mënschenhandel fir déi schlëmmste Fäll reservéiert sinn, virun allem och am Hibléck op d 'Mëttel déi mussen déployéiert ginn um Niveau vun den Enquêten an den Poursuiten.

Déi grouss Majoritéit vun de Procès-Verbaux'en, déi vun der Police an der Douane ausgestallt ginn, an d 'Dénonciatiounen vun der ITM am Kader vum Aarbechtsrecht betreffen Verstéiss géint d 'Gesetzgebung déi sech awer net mat Aarbechtsbedéngungen cumuléieren déi contraire zu der mënschlecher Dignitéit sinn, oder zumindest hunn d 'Agenten op der Plaz net genuch Elementer an dës Richtung sammelen kënnen.

Et ass ze bemierken dass déi Irregularitéiten déi regelméisseg vun den Beamten festgestallt ginn net ëmmer Strofdooten sinn oder et sinn Strofdooten déi nëmmen liicht bestrooft oder schwéier ze bestrofen sinn.

- <u>Keng Affiliation</u>

Laut den Informatiounen déi de Ministère de la Justice vum Parquet kruten, betrëffen e groussen Deel vun den Dossieren déi beim Parquet mam libellé „travail clandestin" erakommen, Aarbechter déi ouni Aarbechtskontrakt agestallt goufen, déi net ugemellt sinn an déi schwaarz bezuelt ginn (virun allem am HORECA Secteur an an der Baubranche).

D 'Gesetz gesäit do awer just d 'Bestrofen vum Aarbechter fir (Artikel L. 571-1 Paragraf (2) Punkt 2. b) am Code du Travail), deen dacks an enger prekärer finanzieller Situatioun ass an doduerch säin Patron net kann oder net wëll dozou ze bréngen fir hien ze regulariséieren, aus Angscht seng Aarbecht ze verléieren.

- <u>Keen schrëftlechen Aarbechtskontrakt</u>

D'Procès-verbaux'en déi erakommen ernimmen och regelméisseg d 'Feelen vun schrëftlechen Aarbechtskontrakter. D 'Bedéngung vun der Existenz vun engem schrëftlechen Aarbechtskontrakt zum Zäitpunkt vum Untrieden vum Déngscht, déi am Artikel L. 121-4 vum Code du Travail virgesinn ass, gëtt net strofrechtlech sanktionéiert.

- <u>D 'Beschäftegung vun Aarbechter aus Drëttlänner déi sech an enger irregulärer Situatioun befannen</u>

Den Artikel 144 vum amendéierten Gesetz vum 29. August 2008 iwwer déi fräi Zirkulatioun vu Persounen an Immigratioun hat eng Prisongsstrof vun aacht Deeg bis ee Joer an / oder eng Geldstrof vun 251 bis 20.000 € virgesinn, fir de Patron deen en auslänneschen Aarbechter ugestallt huet deen entweder keng Openthaltsgenehmegung fir Salariéen oder keng Aarbechtsgenehmegung huet.

Op der Basis vun dësem Artikel informéiert de Parquet ons, datt en regelméisseg Condamnatiounen kritt huet haaptsächlech géint Patronen aus dem HORECA Secteur déi tëscht engem an dräi Persounen aus Drëttlänner illegal beschäftegt haten.

D 'Gesetz vum 21. Dezember 2012, wat d 'Direktiv 2009/52/EG vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 18. Juni 2009 an d'nationalt Recht ëmsetzt, huet den uewegenannten Artikel 144 abrogéiert.

D'Infractioun vum Artikel 144 gouf liicht ëmgeännert an engem neien Artikel L. 572-4 (1) vum Code du Travail erëmgeholl, an zwar an deem Sënn dass den Employeur elo eng sanction administrative vun 2.500.- Euro risquéiert falls en eng en Aarbechter aus engem Drëttland engagéiert deen keng Openthaltsgenehmegung huet. D'Aarbeschtsgenehmegung gëtt net méi ernimmt.

Pénal Sanktiounen dogéint, si just ënnert de folgenden Ëmstänn virgesinn:

1. d'Infractioun gëtt ëmmer erëm widderholl
2. d'Infractioun beleeft sech op eng simultan Beschäftegung vun enger wesentlecher Unzuel vun Aarbechter aus Drëttlänner déi en séjour irrégulier sinn
3. d'Infractioun gëtt vu besonnesch abusiven Aarbechtsbedéngungen begleet
4. d'Infractioun gëtt begaangen vun engem Patron deen weess dass d'Aarbecht oder d'Servicer vun engem ressortissant (...) geleescht ginn deen Affer vu Mënschenhandel ass
5. D'Infraction bezitt sech op d'illegal Beschäftegung vun engem Mannerjäregen

Et ass ze bemierken dass deen Changement néideg gouf fir conforme ze sinn mat den Dispositiounen vun der uewegenannten Direktiv.[1]

D 'Jurisprudenz gesäit dat neit Gesetz als "loi plus douce" un an huet en Bedreiwer vun engem chineseschen Restaurant, deen an éischter Instanz veruerteelt gouf op Basis vum Artikel 144, am appel acquittéiert, well och wann bewisen war dass eng Persoun zum Moment vun der Kontroll do irregulär geschafft huet, net nogewisen konnt ginn dass dat ëmmer erëm den Fall war (Uerteel Nr. 482/13 V. du 15. Oktober 2013).

An engem aneren Fall huet d'Jurisprudenz och d 'Notioun vum iregulärem Openthalt restriktiv interpretéiert andeems se entscheet huet datt eng Persoun am onregelméissegen Openthalt déi vun enger administrativer Toleranz profitéiert, net ënner d 'Bestëmmungen vum Artikel L. 572-4 (1) vum Code du Travail fält. (Uerteel Nr. 762/2013 vum 28. Februar 2013).

Eng Persoun déi legal zu Lëtzebuerg residéiert, fält net ënner d 'Bestëmmungen vum Artikel L. 572-4 (1) vum Code du Travail - déi verschidde Kategorien vun Openthaltsgenehmegungen, déi am amendéierten Gesetz vum 29. August 2008 virgesi sinn, ginn net berücksichtegt (Uerteel Nr. 763/2013 vum 28. Februar 2013 vum Bezierksgeriicht vu a zu Lëtzebuerg – eng Persou aus Gambia ouni Aarbechtsgenehmegung; Uerteel Nr. 1816/2013 vum 20. Juni 2013 vum Bezierksgeriicht vun a zu Lëtzebuerg – eng chinesesch Persoun mat enger spuenescher Openthaltsgenehmegung déi en Besuchsrecht fir 3 Méint fir Lëtzebuerg hat);

[1] PDL 6404 – Avis du Conseil d'Etat

- <u>Zeréckgräifen op Selbststänneger ouni Handelsermächtegung</u>

Den Artikel L. 571-2. vum Code du Travail verbitt et Servicer vun enger Persoun oder engem Grupp vu Persounen ze gebrauchen fir d 'Ausféierung vu Schwaarzaarbechten ("travail clandestin") am Sënn vum Artikel L. 571-1, Paragraf (2), Punkt 1 , ënner Berécksichtigung vun den Ausnamen déi am Artikel L. 571-3 formuléiert sinn, d.h. d'Benotzen vun Persounen oder Firmen fir Servicer fir déi keng Handelsermächtegung huet.

Den Artikel L. 571-6. bestrooft d 'Verstéiss géint den Artikel L. 571-2 mat enger Geldstrof vun 251 bis 5.000 Euro an am Fall vun enger Widderhuelung bannent fënnef Joer, mat enger Prisongsstrof vun aacht Deeg bis sechs Méint an enger Geldstrof vu bis zu zweemol de Maximum, oder nëmmen zu enger vun dësen Strofen.

E maître d'ouvrage, deen Aarbechter oder Firmen ouni Handelsermächtegung beschäftegt, risquéiert eng Geldstrof vu 5.000 €, onofhängeg vum Ausmooss vun den Aarbechten an der Unzuel vun den Salariéen.

Laut den Informatiounen déi mer vum Parquet kruten, concentreieren sech d'Poursuiten am Beräich vum Aarbechtsrecht op d 'Bedéngungen vun der Ausféierung vun den Kontrakter (Bezuelen vum Mindestloun, Aarbechtszäit, Aarbeschtsbedéngungen) , wou d 'Beweiser vill méi schwéier ze erbréngen sinn an déi sech oft op eng aktiv Collaboratioun mat den betraffenen Persounen baséieren, wëll et net méiglech ass d'Employeueren op Basis vun objektiven Critèren, déi einfach ze beweisen sinn ze poursuivéieren, ewéi zum Beispill d 'Feelen vun Aarbeschtskontrakten, keng Affiliation, keng Aarbechtsgenehmegung. Déi betraffe Persounen schaffen net ëmmer mat den Autoritéiten zesummen- virausgeholl si bleiwen am Land während der enquête an dem méiglechen Prozess.

**<u>Ad question n°1</u>**

**<u>Wéi vill Procès-verbaux'en sinn zanter 2010, opgelëscht no Joer, un de Ministère public an/oder d'Police weidergeleet ginn ?</u>**

Och wann d'ITM eng Missioun vu Präventioun, Sensibilisatioun a Kooperatioun am Beräich vun den Aarbechtsbedéngungen huet, huet se keng Kompetenz am Kader vum Mënschenhandel a Form vun der Ausbeutung vun der Aarbecht oder Servicer.

D'Police, méi speziell, d'section criminalité organisée vun der police judiciaire, huet eleng Kompetenz fir an däser matière ze enquêtéieren. Et ass och e weider spezialiséiert Team vun dëser Sektioun déi sech em d 'Identifikatioun vun Affer vum Mënschenhandel an den Assistenz- a Schutzmoossname këmmert, déi virgesinn sinn am amendéierte Gesetz vum 9. Mee 2009 iwwer Hëllef, Schutz a Sécherheet vun den Affer vu Mënschenhandel.

Falls d'ITM am Kader vun sengen Missiounen eng Situatioun begéint déi eventuell d'Konditiounen vum Artikel 382-1 vum Code pénal erfëllt, notifizéiert ITM dat dem Parquet (Artikel L-612-1 (1) d) vum Code du Travail) an de Parquet wäert den Dossier weider ginn un d 'Police fir weider ze enquêtéieren, wann néideg, assistéiert vun ITM Inspekteren.

Déi meescht Affairen vun Mënschenhandel déi an de leschte Joeren behandelt goufen, concernéieren Fäll vun Proxénétisme, et goufen just 3 Fäll virun Geriicht wéinst der traite économique an déi Fäll hunn all ugefaangen duerch eng plainte oder Feststellungen duerch an vun der Police.

Leider erlaabt den informateschen System vun der Justizverwaltung et net fir eng chiffréiert Äntwerten op d 'Froe kënnen ze ginn.

Laut Informatiounen vun der ITM sinn 2 Dossier'en, déi Elementer beinhalten déi op Mënschenhandel hindeiten, un den Parquet weidergeleet ginn 2019/2020, een Dossier ass beim Parquet aus der Stad an deen aneren beim Parquet zu Dikrech, woubäi den Dossier an der Stad éischter en Dossier ass betreffend Onregelméissegkeeten an Punkto Code du Travail.

**Ad question 2: Wéi vill vun dëse Procès-verbaux'en sinn «sans-suite» klasséiert ginn ?**

All Dossier, deen an dësem Kontext bei den Parquet kennt, gëtt analyséiert mam Bezuch op de Critère vun den Aarbechtsbedéngungen, déi contraire zu der mënschlecher Dignitéit sinn.

Wann dëse Critère ginn ass, ginn Poursuiten ageleet, an deem aneren Fall ginn, sou wäit et méiglech ass, Poursuiten ageleet wéinst Verstéiss vum Code du Travail, insbesonnesch wéinst Verstéiss géint d'Aarbechtszeiten an dem Mindestloun.

**Ad question 3. Wéi vill Enquêtë betreffend Mënschenhandel konnten am Joer 2019 zu Lëtzebuerg ofgeschloss ginn a wéi vill Zäit ass fir déi eenzel Fäll, tëscht der éischter Plainte, respektiv dem éischte Procès-verbal an dem Uerteel vergaangen ?**

Een Fall gouf 2019 definitiv ofgeschloss duerch d'Verurteelung vum Täter an 2. Instanz. Déi Affaire hat 2016 ugefaangen duerch eng plainte vun engem Aarbechter bei der Police.


**Ad question 4. Ass de legale Kader betreffend dem Mënschenhandel an den Ae vun den Dammen an Häre Ministeren nach zäitgeméiss ? Ass virgesinn der ITM méi Moyenen ze ginn, fir géint Fäll vu Mënschenhandel virzegoen ?**

De generelle legalen Kader muss ugepasst gin an weider Sanktiounen musse virgesin gin fir eng méi efficace Poursuite géint de Mënschenhandel z'erméiglechen. En interministeriellen Aarbechtsgrupp schafft den Ament dorun.


Wat ITM ubelangt: den aktuellen legalen Kader betreffend dem Mënschenhandel [Artikel 382-1 (1) point 2) vum Code pénal] ermeiglecht et der ITM d'Aspekter vun der Ausbeutung duerch d'Aarbecht oder vun der forcéierter Aarbecht nozegoen an déi diesbezüglech Infraktiounen an engem Procès-verbal zereckzebehaalen fir en duerno un den Parquet an der Police weiderzeléeden.

> « *Article 382-1 : (1) Constitue l'infraction de traite des êtres humains le fait de recruter, de transporter, de transférer, d'héberger, d'accueillir une personne, de passer ou de transférer le contrôle sur elle, en vue:*
>
> 1) *de la commission contre cette personne des infractions de proxénétisme, d'agression ou d'atteintes sexuelles;*
> 2) *de l'exploitation du travail ou des services de cette personne sous la forme de travail ou de services forcés ou obligatoires, de servitude, d'esclavage ou de pratiques analogues et en général dans des conditions contraires à la dignité humaine;*
> 3) *de la livrer à la mendicité, d'exploiter sa mendicité ou de la mettre à la disposition d'un mendiant afin qu'il s'en serve pour susciter la commisération publique;*
> 4) *du prélèvement d'organes ou de tissus en violation de la législation en la matière;*
> 5) *de faire commettre par cette personne un crime ou un délit, contre son gré.* »

Wéi op der Sait 24 vum Rapport annuel vun der ITM aus dem Joer 2019 vermierkt, ass d'Unzuel vun den Aarbechtsinspekteren déi um Terrain aktiv sinn duerch d'Recrutementer vun den leschten Joeren vun 15 Aarbechtsinspekteren am Joer 2016 op 29 Arbechstinspekteren am Joer 2019 geklommen:




Momentan sinn 46 Stagiairen bei der ITM beschäftegt:




Fir Enn des Joers 2020 klemmt d'Unzuel vun den Arbechtsinspekteren déi um Terrain aktiv sinn op 61, esou dass vill méi Kontrollen, ennert anerem betreffend den Mënschenhandel, kennen gemach ginn:




Och ass ze bemierken, dass all Aarbechtsinspekter eng speziell Formatioun betreffend den Mënschenhandel kritt.

Zanter dem Joer 2015 hunn 37 Aarbechtsinspekteren d'Formatioun « La Traite des êtres humains » oder d'Formatioun « Approche et accompagnement des victimes de la traite des êtres humains » matgemach. Dest sinn am ganzen 264 Stonnen Formatioun betreffend den Mënschenhandel.

**Ad question 5. Wéi kann een an den Ae vun den Dammen an Häre Ministeren d'Kommunikatioun tëscht de verschidden Instanze verbesseren ? Wéi kéint een d'Zesummenaarbecht tëscht de Verwaltungen optiméieren ?**

D'Zesummenarbecht tescht den verschiddenen concernéierten Verwaltungen léeft gudd, souwouel um strategeschen wie um operationellen Niveau. D 'Membere vun der ITM, dem Parquet an der Police gesinn sech zum Beispill regelméisseg am Kader vum Comité de Suivi Traite. Par ailleurs, no enger eischter gemeinsamer Kontroll vun der Police an der ITM am November 2019, goufen den 1. an den 4. Juli 2020 an der Affaire vun Veianen, wéi am Communiqué vum 9. Juli 2020 vum Parquet matgedéelt, zwou gemeinsam Perquisitiounen vun der Police an vun der ITM op dräi verschidden Sitten gläichzäiteg duerchgefouert an d'Enquête ass momentan en cours.

Et ass zur Zait kee Bedarf fir nei Kommunikatiounswéer, oder aner nei Moyenen virzegesinn.

**Question 6. Wéi steet den Här Minister zum Fait, datt d'ITM, RTL-Informatiounen no, deelweis iwwerfuerdert ass mam Opschaffe vu komplexe Firmenkonstrukter an deemno vun de Moyenen hier net à même ass, fir een adequate Suivi vu verschidden Affäre kënnen ze assuréieren ?**

D'ITM ass zoustänneg fir Kontrollen am Aarbechtsrecht an an der Aarbechtssecherhéet an – Gesondhéet ze maachen. Fir des Kontrollen kennen ze maachen ass et egal wéi eng Firmenkonstrukter et ginn well emmer den Employeur vun enger jeweileger Firma an déenen Matièren responsabel ass.

Firmenkonstrukter fir Steierbedruch kennen ze maachen ennerléien net der ITM hieren Kompetenzen. Dat Selwecht gëllt och wann et den droit d'établissement betrefft.